SÉANCE 35

MERCREDI,
20 MAI 2015

Présidence: M. Mars Di Bartolomeo, Président • Mme Simone Beissel, Vice-Présidente

Sommaire

1. Ouverture de la séance publique

- *M. Mars Di Bartolomeo, Président*

2. Dépôt d'une proposition de loi par M. Fernand Kartheiser

- *M. Fernand Kartheiser*

3. 6564 - Projet de loi modifiant la loi du 25 novembre 1982 réglant le prélèvement de substances d'origine humaine

- *Rapport de la Commission de la Santé, de l'Égalité des chances et des Sports: Mme Cécile Hemmen*
- *Discussion générale: Mme Martine Mergen, M. Alexander Krieps, Mme Josée Lorsché, M. Fernand Kartheiser*
- *Prise de position du Gouvernement: Mme Lydia Mutsch, Ministre de la Santé*
- *Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel*

4. 6578 - Projet de loi portant création de la profession de psychothérapeute et modifiant

1) le Code de la sécurité sociale;

2) la loi du 8 juin 1999 relative au Collège médical;

3) la loi du 19 juin 2009 ayant pour objet la transposition de la directive 2005/36/CE pour ce qui est a) du régime général de reconnaissance des titres de formation et des qualifications professionnelles, b) de la prestation temporaire de service

- *Rapport de la Commission du Travail, de l'Emploi et de la Sécurité sociale: M. Georges Engel*
- *Discussion générale: Mme Sylvie Andrich-Duval (dépôt d'une motion), M. Georges Engel (M. Serge Urbany intervient), M. Edy Mertens (Mme Sylvie Andrich-Duval pose une question), Mme Josée Lorsché, M. Fernand Kartheiser, M. Serge Urbany*
- *Prise de position du Gouvernement: Mme Lydia Mutsch, Ministre de la Santé*
- *Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel*
- *Motion 1: Mme Sylvie Andrich-Duval, M. Fernand Kartheiser, M. Georges Engel, Mme Josée Lorsché, M. Eugène Berger, M. Serge Urbany*
- *Vote sur la motion 1 (rejetée)*

5. 6726 - Projet de loi portant approbation de l'Accord-cadre global de partenariat et de coopération entre l'Union européenne et ses États membres, d'une part, et la République des Philippines, d'autre part, signé à Phnom Penh (Cambodge) le 11 juillet 2012

6727 - Projet de loi portant approbation de l'Accord-cadre global de partenariat et de coopération entre l'Union européenne et ses États membres, d'une part, et la République socialiste du Viêt Nam, d'autre part, signé à Bruxelles le 27 juin 2012

6728 - Projet de loi portant approbation de l'Accord-cadre global de partenariat et de coopération entre l'Union européenne et ses États membres, d'une part, et la Mongolie, d'autre part, signé à Oulan-Bator (Mongolie) le 30 avril 2013

6729 - Projet de loi portant approbation de l'accord de partenariat et de coopération entre l'Union européenne et ses États membres, d'une part, et la République de l'Iraq, d'autre part, signé à Bruxelles le 11 mai 2012

- *Rapport de la Commission des Affaires étrangères et européennes, de la Défense, de la Coopération et de l'Immigration sur les projets de loi n°6726, n°6727 et n°6728: M. Marc Angel*
- *Rapport de la Commission des Affaires étrangères et européennes, de la Défense, de la Coopération et de l'Immigration sur le projet de loi n°6729: M. Gusty Graas*
- *Discussion générale: M. Laurent Mosar, M. Claude Adam, M. Fernand Kartheiser, M. David Wagner, M. Gusty Graas, M. Marc Angel*
- *Prise de position du Gouvernement: Mme Lydia Mutsch, Ministre de la Santé, Ministre de l'Égalité des chances*
- *Votes sur les projets de loi et dispenses du second vote constitutionnel*

6. 6752 - Projet de loi relatif à la mise en application du Règlement (UE) n°650/2012 du Parlement européen et du Conseil du 4 juillet 2012 relatif à la compétence, la loi applicable, la reconnaissance et l'exécution des décisions, et l'acceptation et l'exécution des actes authentiques en matière de successions et à la création d'un certificat successoral européen et modifiant

a) la loi modifiée du 25 septembre 1905 sur la transcription des droits réels immobiliers et

b) le Nouveau Code de procédure civil

- *Rapport de la Commission juridique: M. Guy Arendt*
- *Discussion générale: M. Léon Gloden, M. Claude Haagen, Mme Viviane Loschetter, M. Roy Reding*
- *Prise de position du Gouvernement: M. Félix Braz, Ministre de la Justice*
- *Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel*

Au banc du Gouvernement se trouvent: M. Félix Braz et Mme Lydia Mutsch, Ministres.

(Début de la séance publique à 14.02 heures)

1. Ouverture de la séance publique

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Ech maachen d'Sëtzung op.

Huet d'Regierung eng Matdeelung ze maachen?

M. Félix Braz, *Ministre de la Justice.*- Neen, Här President.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci, Här Justizminister. Dat ass also net de Fall.

Ech hunn eng Wuertmeldung vum Här Kartheiser.

2. Dépôt d'une proposition de loi par M. Fernand Kartheiser

M. Fernand Kartheiser *(ADR).*- Här President, ech wollt lech bieden, mer d'Wuert ze ginn, fir den Dépot vun enger Proposition de loi ze maachen.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Dir hutt d'Wuert.

M. Fernand Kartheiser *(ADR).*- Merci, Här President.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, déi Proposition de loi, déi ech elo heimadder wëll ënnerbreeden, betrëfft déi Lëtzebuerger Nationalitéit. Am Joer 2003 ass déi Méiglechkeet ageféiert ginn, deemools vum Här Minister Goerens duerch e Règlement grand-ducal, fir datt auslännesch EU-Bierger kënnen e Militärdéngscht an der Lëtzebuerger Arméi maachen. Et wor awer net virgesinn, datt doduerch d'Konditioune fir d'Accessioun un d'Lëtzebuerger Nationalitéit erliichtert gi wären.

Mir als ADR considéréieren, datt déi Leit, an et sinn der ongeféier 300, déi e Militärdéngscht an der Lëtzebuerger Arméi gemaach hunn, ouni déi Lëtzebuerger Nationalitéit ze hunn, awer et géife verdéngen, fir d'Lëtzebuerger Nationalitéit méi liicht ze kréien. Mir proposéiere mat dëser Proposition de loi, datt en EU-Bierger, deen an der Lëtzebuerger Arméi déngt, no engem Joer scho kann d'Lëtzebuerger Nationalitéit froen. Dat géif dann heeschen, well e muss dräi Joer virdrun am Land gelieft hunn, datt dann esou e Bierger no véier Joer kéint d'Lëtzebuerger Nationalitéit kréien, par rapport zu deene siwe Joer, déi aner Leit mussen hei wunnen.

Ech soen lech Merci.

6822 *- Proposition de loi modifiant la loi du 23 octobre 2008 sur la nationalité luxembourgeoise afin de faciliter l'accès à la nationalité aux soldats volontaires de l'Armée*

Wann ech gelift, Här President.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci dem Här Kartheiser.

Da géife mer zum éischte Punkt vun eisem Ordre du jour vun haut iwwergoen. Et handelt sech ëm de Projet de loi 6564 an e betrëfft d'Entnahm vu mënschleche Substanzen. D'Riedezäit ass nom Basismodell festgeluecht.

D'Wuert huet direkt d'Rapportrice, d'Madame Cécile Hemmen.

3. 6564 - Projet de loi modifiant la loi du 25 novembre 1982 réglant le prélèvement de substances d'origine humaine

Rapport de la Commission de la Santé, de l'Égalité des chances et des Sports

Mme Cécile Hemmen *(LSAP), rapportrice.*- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, de Projet de loi 6564 gouf de 16. Abrëll 2013 vum deemolege Gesondheetsminister déposéiert an ännert d'Gesetz vum 25. November 1982 iwwert de sougenannten „prélèvement de substances d'origine humaine" ëm. Am Dezember 2014 sinn d'Aarbechte vun der jëtzeger Kommissioun opgeholl ginn an ech gouf zur Rapportrice ernannt.

Dëse Projet de loi verfollegt eigentlech en duebelt Zil: Zum enge sollen eng Rei vu Bestëmmungen aus der Oviedo-Konventioun ëmgesat ginn, ebe just wat de Prélèvement de substances d'origine humaine ugeet, an zum anere sollen awer och zwou europäesch Direktiven ëmgesat ginn, eng iwwert d'Qualitéit an d'Sécherheetsnorme fir mënschlech Organer, déi fir d'Transplantatioun geduecht sinn, an déi aner, d'Directive d'exécution iwwert d'Informatiounsprozedure fir den Austausch tëschent de Memberstaten a Bezuch op mënschlech Organer, déi fir d'Transplantatioun bestëmmt sinn.

E puer Wuert zu der Oviedo-Konventioun an hire Protokoller: Déi setzt en internationalen an och ganz strenge Kader, fir d'Mënsche géint de Mëssbrauch vu biologeschen a medezineschen Techniken ze schützen. De Projet de loi 5528 iwwert d'Oviedo-Konventioun gouf schonns am Joer 2006 déposéiert an de Statsrot, deen hat deemools derfir plädéiert, fir an enger éischter Phas just nëmmen d'Gesetz iwwert de Prélèvement de substances d'origine humaine ofzeänneren, fir et esou konform zu der Oviedo-Konventioun ze maachen; an dann eréischt an enger zweeter Phas d'Oviedo-Konventioun zesumme mat engem Gesetz iwwer Genetik, Biomedezin an d'Procréation médicalement assistée.

(Coups de cloche de la présidence)

D'Regierung hat sech awer zu deem Ament derfir ausgeschwat, fir dat awer net ze maachen, mä fir awer esou séier wéi méiglech d'Oviedo-Konventioun ze ratifizéieren. D'Aarbechten dofir haten am Mäerz 2009 ugefaangen, sinn dunn awer erëm eng Kéier ënnerbrach ginn, an an der Tëschenzäit ass déi europäesch Direktiv vun 2010 grad ewéi d'Directive d'exécution vun 2012 publizéiert ginn, déi et dann elo gëllt ëmzesetzen.

Hei just e puer vun deene villen Dispositiounen aus der Oviedo-Konventioun, déi dann elo an dësem Projet de loi ofgedeckt ginn.

An éischter Linn geet et drëms, fir souwuel de Spender wéi och de Receveur vun enger Organspend ze schützen, well et dréit sech hei net nëmmen ëm de Prélèvement vun Organer bei Verstuerwenen, mä awer och bei liewege Spender. Grad an deem Cas de figure ass et extrem wichteg, fir ganz kloer an och streng Regele festzeleeën, ënner wéi enge Konditiounen dat kann an däerf geschéien.

Et gëtt festgehalen, dass och kee Mannerjährege méi en Organ spende kann. Definéiert gëtt och, wou a wien e Prélèvement ka virhuelen, wéi dee Service muss équipéiert sinn, wéi eng Sécherheetsvirschréfte mussen erfëllt sinn. Am Kader vun de genannten Direktive ginn dann och Regele festgehale fir d'Charakterisatioun an och d'Traçabilitéit vun den Organer, grad ewéi fir d'Informatiounen, am Fall wou et Tëschefäll oder awer ongewollte Reaktioune géife gi bei oder awer no enger Transplantatioun.

Et gëtt och en nationale Service geschafe fir d'Koordinatioun vun de Prélèvementer, der Charakterisatioun, dem Transport an der Transplantatioun vun den Organer. Un deem Service ass et och, fir sech ëm e gerechten Zougang vun de Patienten zu de Servicer an d'Attributioun vun den Organer no transparente Regelen ze këmmeren, grad ewéi fir d'Traçabilitéit an den Informatiounsaustausch ze garantéieren.

De Conseil d'État huet ënner anerem bemierkt, dass soll en effikasse Kader geschafe ginn, fir d'Qualitéit an och d'Sécherheet vum Don bis bei d'Transplantatioun ze garantéieren, dee souwuel d'Gesondheetspersonal, d'Organisatioun, d'Lokaler, d'Équipementer, d'Material, d'Dokumenter an och d'Späichere vun den Donnéeë soll mat abegräifen.

Des Weideren ass och proposéiert ginn, dass den neie Service de coordination sech sollt ëm d'Tissuen an d'Cellules këmmeren. D'Chamberskommissioun ass awer dunn net mat op dee Wee gaangen, well zum engen d'Tissuen an d'Cellullen iwwer eng aner Direktiv geregelt ginn, déi duerch d'Gesetz vum 1. August 2007 ëmgesat gouf. An zum anere si beim Don vun Organer ganz aner Oploen, déi sech imposéieren, wéi bei den Tissuen an de Cellullen, eleng schonns, well mer keng illimitéiert Zuel vun Organer hunn an dat domadder och e ganz aneren Agréff bedeit.

Den Don an och d'Transplantatioun vun Organer muss dofir onbedéngt volontaire an och altruistesch sinn. D'Koordinatioun an d'Ausféierung dierfen doduerch nëmmen engem ëffentleche Service ënnerleien, an net enger privater Entreprise.

De Statsrot huet awer och eng Opposition formelle ausgeschwat, wou et ëm den Artikel 11 Paragraf 5 vun der Constitutioun goung an d'Obligatioun, fir am Gesetz e legale Kader ofzestieche fir dat, wat da per Règlement grand-ducal am Detail geregelt gëtt. D'Chamberskommissioun huet dat selbstverständlech berücksichtegt.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, d'Chamberskommissioun huet sech laang mat

deem flotten Thema vun der Organspend befaasst. Wann ech soen „flott", dann ass dat en Thema, wat eigentlech eis alleguerten eppes ugeet. An den Austausch, dee mer an der Kommissioun haten, war wierklech op ganz héijem Niveau an et ass och ganz respektvoll mat deem Thema ëmgaange ginn.

Zu Lëtzebuerg ass et jo esou an der Theorie, dass jiddwereen, dee sech net explizitt dergéint ausgeschwat huet, eigentlech no sengem Doud potenziellen Organspender ass. An der Praxis ass dat awer allerdéngs an de meeschte Fäll net esou einfach: Do gëtt kee Prélèvement gemaach ouni eng gréisser Enquête, fir och sécherzestellen, dass dee Betraffene sech net an néierens ausgeschwat huet do dergéint. Reng juristesch gesinn ass dat wuel net erfuerderlech, mä et gëtt awer eng gréisser Sécherheet an och eng Legitimatioun.

Meeschtens ass et och esou, dass d'Famill net ëmmer ganz positiv agestallt ass, well den Doud oder awer den imminenten Doud vun engem Mënsch, deen engem nostoung, natierlech en delikaten an emotiounsgeluedene Moment ass.

Fakt ass, dass mer net genuch Organspender hunn. An et fält op, dass all Kéiers, wann nees eng Sensibiliséierungscampagne lancéiert gëtt, d'Bereetschaft, fir Organspender ze ginn, signifikativ an d'Luucht geet. An no all Skandal am noen oder am wäiten Ausland hëlt se dann nees drastesch of. Do dertëscht mécht sech dann och erëm éischter en Desinteressi breet, deen der ganzer Saach natierlech och net weiderhëlleft.

Op alle Fall wier et ganz positiv, wann d'Leit sech explizitt kéinten derfir ausschwätzen, fir wëllen Organspender ze ginn, an dat dann och iergendwou répertoriéiert wier fir de Fall, wou et néideg wier. An deem Kontext ass de geplangten Dossier de soins partagé e ganz interessanten Outil. An deem elektroneschen Dossier kann de Patient dat festhalen, soudass et am Noutfall fir d'Gesondheetspersonal zougänglech wier. An dat géif et der Famill méi einfach maachen, den zoustännege Servicer natierlech och, an och de Leit, déi drengend op eng Organspend ugewise sinn.

Bleift nach ze soen, dass zu Lëtzebuerg déi konventionéiert Associatioun Luxembourg-Transplant, déi iwwregens och Member ass vun der Organisatioun Eurotransplant, sech ëm d'Organisatioun vun den Organspenden an den Transplantatioune këmmere wäert, wougéint d'Associatioun Protransplant sech ganz aktiv fir den Don d'organe asetzt a fir déi domat verbonne Sensibilisatiounsaarbecht um Terrain.

Här President, ech erlabe mer hei eng kleng perséinlech Remarque zu deene Leit, déi do um Terrain schaffen: Déi maachen eng extrem gutt Aarbecht an ech wollt mäin déiwe Respekt all deene Bénévollen ausdrécken.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, léif Kolleeginnen a Kolleegen, dëse Projet de loi 6564, deen de Prélèvement vun de Substances d'origine humaine regelt, war d'Geleeënheet fir d'Kommissioun an awer och fir mech als Rapportrice, fir eemol méi drun ze erënneren an ze betounen, wéi wichteg dass den Don d'organe ass, an och en Appell ze maachen un d'Bereetschaft vun enger breeder Populatioun, fir Spender ze ginn. D'Organspend ka Liewe retten. A mir all, een oder deen anere vun eis kann eventuell an de Fall kommen, wou en drop ugewisen ass a wou säi Liewen dovunner ofhänkt.

An deem Sënn kënne mer all Initiativ an all Campagne nëmmen ënnerstëtzen, déi dorobber ofziilt an d'Situatioun an deem Sënn hëlleft ze verbesseren.

Här President, ech ginn heimadder dann och d'Approbatioun vun der LSAP-Fraktioun zu dësem Projet an ech soe villmools Merci fir d'Nolauschteren.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.- Merci och der Madame Rapportrice. An éischt ageschriwwe Riednerin ass d'Madame Martine Mergen.

Discussion générale

Mme Martine Mergen *(CSV)*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, wéi d'Madame Rapportrice an hirem ausféierleche schréftlechen a méndleche Rapport erkläert huet, setzt dëst Gesetz zwou européesch Direktiven iwwert d'Sécherheet an d'Traçabilitéit bei der Transplantatioun vu mënschlechen Organer ëm. Mat dësem Gesetz gëtt awer och erëm en Deel vun der Oviedo-Konventioun mat hiren additionnelle Protokoller an nationaalt Recht ëmgesat - mir maachen dat mat der Salamitechnik -, déi Konventioun, déi säit 2006 an onsen Tiräng läit an där hire wichtegsten Deel, nämlech iwwert déi spezifesch Dispositioune bei der Recherche biomédicale, iwwert den Ëmgang mam mënschleche Genom an iwwert d'medezinesch assistéiert Fortplanzung weiderhin um Leescht bleift. Mä dat ass haut net onse Sujet.

Ech wëll gläich zu Ufank virewechhuelen, dass d'CSV-Fraktioun dëst Gesetz matdréit, gradesou wéi se d'Positioun vun der Regierung ënnerstëtzt, dass mer an dësem Gesetz d'Veraarbechtung vu mënschlechem Gewebe an Zellen net mat eranhuelen. Dëse Volet ass schonn am Gesetz vum August 2007 behandelt. Et gëtt och hei e wesentlechen Ënnerscheed - d'Madame Hemmen huet et scho gesot - zu der Organstransplantatioun: Bei Tissu- an Zellbehandlunge kënnen och kommerziell Gesellschaften implizéiert sinn. Dat ass bei der Organtransplantatioun ausgeschloss an däerf kloer ausgeschloss bleiwen.

Mir kennen all Horrorgeschichten aus anere Länner, wou et méiglech ass, dass Aarmer hir Organer kënne verkafen oder dass et souguer forcéiert Prélèvementer gëtt. Un der Spëtzt vun dëse Länner steet ganz sécher China, wou all Joer eng honnertdausend Organer transplantéiert ginn, bei enger ganz klenger Lëscht vun offizielle Spender. De chineesesche Gesondheetsministère seet, dës Organer kéime vun zum Doud veruerteelte Kriminellen, mä et gëtt och aner Meenungen dozou. Den nobelpräisnominéierten David Matas huet dëst Phenomeen während Jore studéiert an huet seng Zweifel. An Dir kennt och alleguerten d'Uschëllegunge vun de Falun Gong iwwer forcéiert Prélèvementer bei hire Leit.

Mat dësem Gesetz stelle mer ons also weider op d'Säit vun den européesche Länner, déi esou Praktike grondsätzlech veruerteelen.

Wéi steet et awer an der Praxis bei ons mat der Organtransplantatioun? Mir mengen: guer net gutt! A mir hunn dat och an de leschte Joren e puermol op dëser Tribün zum Ausdrock bruecht. Mir stelle fest, d'Situatioun huet sech an deene leschte Joren net verbessert, mä verschlechtert. Wa Lëtzebuerg esou weiderfiert wéi bis elo, an do wäert d'Gesetz selwer wéineg drun ënneren, da si mer deemnächst erof vum européesche Radar vun der Transplantatioun, an déi verzweifelt Krank, déi op en Organ waarden, wäerten net méi vun onsen Nopeschlänner berücksichtegt ginn.

D'Zuel vun de Prélèvementer op Lëtzebuerger Patienten huet d'Tendenz no ënnen. Dat huet sécher näischt mat der juristescher Situatioun hei bei ons ze dinn, mir hu jo nämlech e Gesetz, dat et erlaabt, Organer ze prélevéieren, wa sech den Donneur zu Liefzäiten net dergéint ausgeschwat huet. Dat gëtt awer an der Praxis net esou gehandhabt an et gëtt ëmmer Rücksicht geholl op den Entourage an op d'Familljen.

Mir soen net, dass dat falsch ass. Mir mengen awer, dass erëm vill ze laang Zäit vergaangen ass, fir eng Campagne ze maachen, fir d'Leit opzeruffen, eng Spenderkaart bei sech ze droen. Dat ass dee Moyen, dee mer nämlech elo schonn hunn. D'Erfahrung weist, dass ëmmer erëm no esou enger Campagne d'Zuel vun de Spender an d'Luucht gaangen ass.

Mir mengen awer och, dass eng méi staark positiv Ausso zur Transplantatioun muss hier, mat där sech ons Populatioun zu Liefzäite fir e Prélèvement vun hiren Organer kann ausschwätzen. Mir deelen op d'mannst momentan net den Optimismus, deen an der Kommissioun verbreet gouf, dass dat an noer Zukunft wäert iwwert den Dossier de soins partagé kënne geléist ginn.

Dat ass mat der aktueller Gesetzeslag e fromme Wonsch. Momentan huet laut Artikel 60ter a quater vum Code des assurances sociales just de Médecin référent an de Médecin traitant Zougréff op dësen Dossier, wann en dann eemol fäerdeg ass. De Médecin référent betréfft och nëmmen eng 30.000 Patienten hei am Land. Et ass also nom Dateschutz kengem ausser deene Genannten erlaabt, Ableck ze huelen an dësen Dossier. Dat heescht, am Fall vun enger Urgence oder vun engem Accident kéint déi Équipe, déi dee Patient en charge hëlt, guer keen Ableck an den Dossier de soins partagé huelen.

Mat de Problemer, déi de Volet vum Médecin référent de Moment kennt - dës Problemer sinn am Moment an der Verhandlung -, gesi mir net, ob a wéi den Dossier de soins partagé an deenen nächste Joren e Bäitrag kéint brengen zur Léisung vum Mangel u potenziellen Donneuren, soudass mer och an Zukunft an onsen Nopeschlänner wäerte schmarotzen.

En anere Problem ass ganz sécher deen, dass mer säit der Pensionéierung vum Dokter Lamy, deen d'Luxtransplant während Jore quasi an enger Persoun duergestallt huet, kee Service hei zu Lëtzebuerg hunn, deen d'materiell a personell Méiglechkeeten hätt, fir d'Prélèvementer ze koordinéieren a virzehuelen. Déi Leit, déi dat de Moment mat hirer Équipe maachen, deene si mer Bewonnerung schëlleg, wéi d'Madame Hemmen och scho sot. Si si méi oder manner fräiwëlleg derbäi, si sinn Dag an Nuecht engagéiert, fir Luxtransplant mat de Moyens du bord um Liewen ze halen.

Zesumme mat dësem Gesetz soll dann e Règlement grand-ducal a Kraaft trieden, deen engem Service national de coordination soll en Agrément ginn. Mir hunn dësen Text zur Kenntnis geholl a mir sinn och d'accord, dass dat e Fortschrëtt bedeit.

Wat mir brauchen, ass eng Équipe Doktere mat hiren Équippen, déi 24 Stonnen op 24 amstand sinn, Prélèvementer ze maachen iwwerall am Land, soss gi mir kee gläichwäertege Partner méi bei Eurotransplant. Mir hoffen, dass d'Efforte vun deene Leit, déi de Moment probéieren, esou eng Équipe op d'Been ze setzen, duer wäerte goen, fir Lëtzebuerg erëm op d'Landkaart vun den Transplantatiounen ze setzen. Mir mussen ons bewosst sinn, dass dat net zum Nulltariff ze kréie wäert sinn.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, d'CSV-Fraktioun stëmmt dëst Gesetz mat, bréngt awer kloer zum Ausdrock, dass d'Gesetz selwer d'Situatioun vun der Organtransplantatioun bei ons net wäert wesentlech verbesseren. Hei sinn déi verantwortlech Ministërë weiderhi gefuerdert, fir Neel mat Käpp ze maachen!

Ech brengen lech zum Schluss den Accord vun onser Fraktioun. Merci.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.- Merci och der Madame Mergen, mat der Bitt, déi nächste Kéier e bësse besser op de Chrono opzepassen. Merci! Nächsten ageschriwwene Riedner ass den Här Alexander Krieps.

M. Alexander Krieps *(DP)*.- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, hei ass e ganz gutt Gesetz, wat an der Lignée vun deem 1982er Gesetz ass. An ech hu mer gëschter Owend Méi ginn, dat erauszedrécken. Dat war deemools eng onheemlech Diskussioun. Do sinn eng Hickecht Leit gefrot ginn, souguer d'Krankekeess, déi deemools wollt d'Fiche financière vum Donneur net iwwerhuelen. Dat muss ee sech och virstellen! Also, mir hunn awer a 35 Joer vill Fortschrëtter gemaach.

Also d'Coûten, déi den Donneur huet missen exposéieren, sinn deemools..., do war eng grouss Debatt, do huet de Stat et iwwerholl. Ass dat nach ëmmer esou? Ech weess et net.

Mir haten och de 5. Juli 2007 op dëser Tribün en Débat iwwert den Don d'organes.

Mä wat interessant ass, dat ass déi Konventioun vun Oviedo - de 4. Abrëll '97, dat ass also net virgëschter gewiescht -, an do huet Lëtzebuerg vun all deenen Artikele quasi näischt global ratifizéiert, mir hunn e „saucissonnéiert" abruecht a verschidde Gesetzestexter. Do wär et och eng Kéier ubruecht, fir eng synthetesch Vue ze kréie vun deene fënnef Sujete vun der Oviedo-Konventioun, déi iwwert d'Mënscherechter, d'Biomedezin gaange sinn déi eng Säit, déi aner Säit iwwert de Clonage d'êtres humains, wou mir ganz séier ënnerschriwwen haten, '98 an 2002. Och iwwert d'Transplantatioun hate mer ënnerschriwwen 2005, dat integréiere mer haut zum Deel. An dann d'Recherche biomédicale, do ware mer och zimlech séier, net am Ënnerschreiwen, mä an de geneteschen Tester. Do hu mer ënnerschriwwen 2008.

Also, et wär net schlecht, wa mer eng Kéier dat kéinte kréien. Wéi et och net schlecht wär, eng Kéier e Gesamtgesetz ze kréien iwwert d'Biomedezin an d'Bioethik zugläich.

Aner Dénger, wat mer hei op dëser Tribün gesot hunn, aner Saachen, dat war 2007: Dir wësst, an de Südlänner, Portugal, Spuenien, Italien, sinn d'Donen am héchsten an Europa. An da freet ee sech, wann een onse soziale Background kuckt, Migrantebackground, wou mer der jo vill aus deene Länner hunn, haaptsächlech aus Italien a Portugal: Verléieren déi Leit dann natierlech den Don, wa se op Lëtzebuerg kommen? Huet dat eppes mat sozioekonomeschem Status ze dinn oder net? Dat weess ech net.

Ech ginn awer natierlech beileiwen net gäre schlecht verstanen, dass ech heimadder soe wéilt, dass se net nëmmen heihinner schaffe solle kommen, mä hir Organer och nach heiloossen. Dat fuerdere mer jo natierlech net! Mä et ass awer en interessanten Déngen an et wär eng Studie wäert, fir dat ze kucken.

Déi Carte-donneuren, dat ass en éiwege Problem. Ech hunn nach versicht, de Moien op menger Gemeng unzeruffen, wéi wäit se wären, mä do huet um Véierel vir zwielef kee méi den Tëlefon opgehuewen.

(Hilarité)

Ech soen dat hei, da kréie se dat och mat.

(Hilarité)

Mä ech mengen, et wär net schlecht, et an de Führerschäin ze schreiwen, obschonns, den Don d'organes ass net méi reservéiert op extrem jonk Leit, mä déi Altersgrenze ginn ëmmer méi an d'Luucht gehuewen. Dat heescht, de Permis européen, dee kënnt jo 2032, da schreiwe mer et dee Moment dodran. Dat dauert jo och nach eng Hickecht Joren.

Dat gesot, wëll ech hei natierlech den Accord brénge vu menger Fraktioun zu dësem Gesetz. An ech hoffen, et sinn et puer Passagen, Artikelen nach an deem Gesetz, wou een am Fong den zukünftegen Donneure rode kann, dass se dat an hiert Testament de vie schreiwen, dass se Donneur sinn. Well ech ka mer guer net virstellen, een, dee mam Kapp an e Bam geet, deen ass dann total irresponsabel oder net méi zourechnungsfäeg, wéi dee säin Accord nach kéint ginn. An déi Artikele 15, 16 an deem Gesetz hei maachen dat dann dee Moment onméiglech, och wann d'Famill seet: E wollt Donneur sinn. Mä dat sinn esou elastesch Saachen.

Mir wësse jo, an deem leschte Gesetz vun '82 war jiddwereen Donneur, à moins dass en de Géigendeel ausgedréckt huet zu senge Liefzäiten. Déi Regel ass zwar hei zu Lëtzebuerg net duerchgesat gi geméinlech - glécklecherweis, dat ass e bëssen autoritär -, mä de Problem ass, dass mer tëschent véier an aacht Donneuren d'Joer hunn, dass mer jorelaang hu missen op d'Ausland zréckgräifen. Dat ass och e bëssen eng egoistesch Attitüd.

Ech wär ganz frou, Madame Minister, wann Der géift d'Propaganda fir den Don d'organes kënnen och starten.

An da ginn ech lech domadder, nodeem dass ech der Rapportrice Merci soe fir hir exzellent méndlech wéi schréftlech Aarbecht, natierlech den Accord vun onser demokratescher Fraktioun.

Merci villmools.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.- Merci dem Här Krieps. An nächst Riednerin ass d'Madame Josée Lorsché.

Mme Josée Lorsché *(déi gréng)*.- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, haut geet et, wéi jo scho gesot, drëms, eis national Gesetzgebung iwwert d'Organspend un européesch Bestëmmungen unzepassen an eenzel Punkten aus der Oviedo-Konventioun ëmzesetzen. D'Madame Hemmen ass an hirem Rapport drop agaangen, dofir hir e grousse Merci fir hir Aarbecht!

Als ee vu ville Beräicher aus där Konventioun suergt d'Organtransplantatioun regelméisseg fir Schlagzeilen, allerdéngs net am positive Sënn, net nëmmen, well vill Leit ouni Erfolleg jorelaang op eng Organspend waarden, mä virun allem och, well den illegalen Handel mat Organer dramatesch Ausmoossen unhëlt. Ech schwätzen net vu Lëtzebuerg, zum Gléck ass eist Land bis elo verschount bliwwe vun esou Skandaler.

Trotz alle legalen a moraleschen Awänn, déi géint dësen Handel erhuewe ginn, gëtt et nämlech ëmmer méi einfach, weltwäit, sech als gutt gestallte Bierger eng Nier, en Häerz, eng Long, esouguer e Stéck Liewer um internationalen Organmaart ze kafen, mat China un der Spëtzt. An den Nopeschlänner ginn esouguer Stëmmen haart, déi fuerderen, de kommerziellen Handel mat Organer ze erlaben, fir dem Problem vum Mangel en Enn ze setzen.

Well dës Haltung all ethesch Prinzipien iwwer Bord gehäit, kënne mir dës Fuerderung kengesfalls ënnerstëtzen. Fir eis gëtt et eigentlech nëmmen ee Wee, fir méi Liewen ze retten, an zwar deen, méi Leit dozou ze motivéieren, Spender ze ginn. Och wa laut dem Prinzip vum Consentement présumé, iwwert dee jo och scho geschwat ginn ass, jiddweree per Gesetz Donateur ass, ausser, en hätt sech zu Liefzäite schréftlech dergéint ausgeschwat, gesäit d'Realitéit anescht aus. Och dat ass scho gesot ginn.

An der Praxis ass et esou, datt d'Famill vum Verstuerwenen hiren Accord muss ginn, éier en Organ fir Transplantatiounszwecker däerf genotzt ginn. An der Moyenne verweigere 45% vun de Familljen deen Accord, wat sech negativ op d'Waardeléschten auswiirkt. Mir mengen awer, datt esou Décisioune solle respektéiert ginn, well et sech, wéi gesot, ëm ganz delikat Momenter vum Liewen handelt. Fir eis ass et virun allem wichteg, senger eegener Famill dës schwiereg Décisioun vun Ufank un ze erspueren, an zwar doduerch, datt ee sech ebe just zu Liefzäiten e Spenderpass uleet.

Leider gëtt et awer, wéi gesot, net genuch Leit, déi dat maachen. An dat huet seng Ursaachen. Eng vun den Ursaache läit ganz kloer am Informatiounsdefizit, deen trotz de Campagnen, déi schonn an der Vergaangenheet stattfonnt hunn, awer nach ëmmer grouss ass.

Eng aner Ursaach gesi mer natierlech och doran, datt nëmmen déi wéinegst Leit sech mam Tabuthema vun hirem eegenen Doud auserneesetze wëllen. Dobäi stellt sech dann och déi fundamental Fro, wéi wäit e Mënsch iwwerhaapt bereet ass, säi Kierper fir Reparatiounszwecker vun anere Kierperen zur Verfügung ze stellen. Wéi grouss dës Bereetschaft zu Lëtzebuerg ass, geet aus dem Eurobarometer vun 2013 ervir. Déi Noriicht ass positiv, d'Bereetschaft vun de Lëtzebuerger ass grouss. Si ass iwwerduerchschnëttlech grouss par rapport zu aneren europäesche Bierger.

Et läit also bei eis weder un der Astellung vun der Bevëlkerung nach un eiser Gesetzgebung, datt mir e groussen Deel vum Potenzial, Liewen ze retten, net notzen. De Problem läit, wéi d'Madame Mergen och gesot huet, eenzeg an eleng bei der praktescher Ausféierung um Terrain.

D'Gemenge spillen eng grouss Roll. Do gesi mir e groussen Nohuel- an Informatiounsbedarf. Beispillsweis kënnen d'Gemengen oder sollen d'Gemenge esouguer zesumme mat der Carte d'identité e Formulaire aushändegen, op deem de Bierger sech kann als Spender deklaréieren. Ech froe mech, wéi vill Gemengen dat maachen. Och Apdikten an Doktere sinn an deem Kontext gefuerdert.

Nei Perspektive gesi mer och am Dossier de soins partagé, quitte datt dëse System nach net flächendeckend funktionéiert an, wéi gesot, och Froe vum Dateschutz wäert opwerfen. Den Testament de vie ass eng aner Spur, déi muss verfollegt ginn.

Ech kommen zum Schluss, léif Kolleeginnen a Kolleegen. Fir eis ass eppes kloer: Wat d'Transplantatiounsmedezin méi performant gëtt, wat de Bedarf un Organer an domat och de relative Mangel un Organer wäert wuessen. Ëmsou méi wichteg a méi grouss gëtt domat och d'Roll vun der Politik a vun der Justiz. Engersäits musse mer gutt Gesetzer hunn, esou wéi haut, déi fir Qualitéit a Sécherheet, mä och fir Dignitéit an Transparenz an der Transplantatiounsmedezin suergen. Anerersäits muss awer och all Land säin Deel dozou bäidroen, fir de weltwäiten Organhandel ze bekämpfen, well net nëmme China oder Afrika, mä och Lëtzebuerg fréier oder spéider dovu betraff ka ginn.

Wéi eng skurrill Form de Verkaf vun Organer kann unhuelen, weist de Fall vun engem chineesesche Jugendlechen, dee seng Nier, seng eegen Nier, fir 2.700 Euro verkaaft huet, fir sech en iPad kënnen ze leeschten. An Däitschland huet de Journalist Willi Germund sech an engem Buch - säi Buch heescht: „Niere gegen Geld" - ëffentlech dozou bekannt, an Afrika gereest ze sinn, fir sech eng Nier ze kafen. D'Justiz an Däitschland huet net dodrop reagéiert. De Problem vum Organhandel ass also scho virun eiser Dier ukomm. An dat gëtt ze denken!

Dat gesot, ginn ech d'Zoustëmmung zu dësem Projet de loi, natierlech an der Hoffnung, datt mer op d'Oviedo-Konventioun zréckkommen a se net nëmme brochstéckhaft ëmsetzen, mä an hirer Integralitéit. Et bleiwen nach e puer Punkten ze klären an ech wär frou, wann d'Madame Minister eis dozou kéint e puer Wuert erzielen.

Iech soen ech alleguer villmools Merci fir d'Nolauschteren a ginn den Accord vun der grénger Fraktioun.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.- Merci och der Madame Lorsché, mat däselwechter Bitt, nom Chrono ze kucken. Merci villmools! An d'Wuert huet den Här Kartheiser.

M. Fernand Kartheiser *(ADR)*.- Villmools Merci, Här President! Dir Dammen an Dir Hären, och e grousse Merci un de Rapporteur, d'Madame Hemmen, déi eis hei e ganz interessanten a komplette Rapport ginn huet. Och mir ënnersträichen natierlech d'Wichtegkeet vun der Méiglechkeet vun den Organtransplantatiounen a gesécherte rechtleche Konditiounen. Dofir begréisse mer och dëst Gesetz a stëmmen et natierlech och gär mat.

E puer Bemierkungen awer och vun eiser Säit.

Dat Éischt ass och: D'Oviedo-Konventioun - dat, wat den Här Dokter Krieps och schonn hei gesot hat - ass eng zentral Fro. Mir kënnen net hei dee Saucissonnage maachen. Mir mussen e Gesamtiwwerbléck hunn, an zwar all ethesch Kritäre respektéieren. Et ass jo net esou, datt zu Lëtzebuerg op deem do Gebitt näischt géif geschéien. Mir hunn eng Recherche médicale, mir hunn eng Biobank, mir hunn eng ganz Rei vun Aktivitéiten och a Klinicken, déi mussen ethesch iwwerwaacht ginn an e gesetzleche Kader brauchen, a mir mussen op deem Gebitt Fortschrëtter maachen.

Mir begréissen et och als ADR - an et ass ganz interessant, dat och am aktuelle politesche Kontext ze kucken -, datt mer hei e Gesetz stëmmen, wat eigentlech seet, datt Mannerjähreger keng Décisioun kënnen huelen, dat hinne verbitt, datt se kënnen en Organ spenden. Dat ass ganz interessant, well mer jo hei alt erëm eng Kéier de politesche Wëlle kloer dokumentéieren, datt Mannerjähreger ebe kënne gewësse Pressiounen ausgesat ginn an datt mer hei dat legal wëlle weider aschränken an et verbidden. Dofir ass dat och eppes, wat mer hei ënnersträichen.

Mir begréissen et och, datt mir eis als Lëtzebuerg Capacitéite ginn, fir selwer kënnen operativ an deem heite Gebitt täteg ze ginn an Organer kënnen ze prélevéieren.

Dann och, an dat hate mer och an der Kommissioun gesot, ënnersträiche mer d'Wichtegkeet vun engem fachmännesch zouverlässege Feststelle vum Doud. Dat ass och eng Saach, wou mer jo an deem Règlement grand-ducal kloer Regelen hunn, souwuel wat den Häerzstëllstand ugeet, wou jo gesot gëtt, et muss ëmmer en Anästhesist oder e Kardiolog dat certifiéieren niewent engem aneren Dokter, a beim Gehirdoud och, datt en Neurolog oder en Neurochirurg muss bei deenen zwee Doktere sinn, déi dat constatéieren. Dat ass wichteg, well mer leider an Europa och ëmmer erëm Fäll hunn, wou en Doud constatéiert gëtt, dee kee richtegen ass. A mir mussen eis géint all Méiglechkeet wieren, datt eng Chasse à l'organe gemaach gëtt oder eng Chasse au donneur, heiansdo mat Mëttelen, déi einfach ethesch net akzeptabel sinn.

Dëst Gesetz bréngt méi Rechtssécherheet. Awer mir hunn nach ëmmer de Problem, datt mer musse kloer kënnen dokumentéieren, wann e Mënsch säi Wëllen huet, wann en dee kloer seet, fir kënnen en Organ ze ginn, datt dat kloer ka matgedeelt ginn an datt et dann och respektéiert gëtt, wann ee wierklech säi Wonsch an déi eng oder an déi aner Richtung kloermécht, datt e wëllt oder net wëllt Organspender sinn.

An deem Fall, wou e wëllt a wou dat kloer dokumentéiert ass, ass et an eisen Aen dann net méi néideg, drëtt Persounen ze froen. Dat géif natierlech de Problem schonn zum Deel vläicht hëllefe léisen. A mir wären och net dergéint, datt mer op dem Führerschäin oder souguer op enger Carte d'identité fakultativ eng Rubrik kéinten aféieren, wou och kéint gesot ginn, wéi gesot fakultativ, ob ee wëllt oder net wëllt Organspender sinn.

Dann, d'Regele vum Organhandel hätten an eisen Ae kënne méi staark nach gefaasst ginn. Et hätt een och kënnen explizitt soen, niewent dem Racolage, dee jo hei elo couvréiert ass, datt och en Dokter, deen hëlleft mat sengem Wëssen, wann e weess, datt et sech ëm Organhandel handelt, deen do awer mathëlleft, esou eng Transplantatioun ze maachen, och deen hätt missen explizitt opgezielt ginn hei an eisen Aen, datt e muss bestrooft ginn.

Privat Partner leeschten hei am Land eng ausgezeechent Aarbecht. Ech mengen, déi si schonn e puermol hei ernimmt ginn, a mat Recht. Mir wëllen awer allgemeng drop opmierksam maachen, datt bei private Partner, wann déi eng Funktioun kréie wéi e Service national de coordination, datt awer och muss op den Dateschutz opgepasst ginn, datt och do muss eng Kontroll existéieren an datt de Stat et sech net däerf ze vill einfach maachen, fir sech einfach enger Verantwortung ze entleedegen oder se ze delegéieren ouni Kontroll an allen Aspekter.

Da maache mir als ADR drop opmierksam op eng Saach, déi eis ganz besonnesch beschäftegt an eis ganz vill Suerge mécht: Dat ass, datt nach ëmmer eng Base commerciale méiglech ass an deem Beräich, wou et ëm «tissus et cellules d'origine humaine aux fins de réimplantation» geet, ënner anerem och ëm Gamèten. An do hu mer jo nach ëmmer eng Praxis hei am Land, déi nach net legislativ geregelt ass. Dat ass déi vun enger PMA aus net therapeutesche Methoden (veuillez lire: net therapeuteschen Ursaachen). An ech wollt dofir nach eng Kéier rappeléieren, datt d'ADR eng Proposition de loi gemaach huet viru Kuerzem, fir och an deem Beräich ganz kloer Regelen anzeféieren, déi an eisen Aen onerlässlech si fir en etheschen Ëmgang mat der Biomedezin hei am Land.

Dat gesot, wéi gesot, begréisse mer dëst Gesetz. Mir fannen et e wichtege Progrès. Awer mir soen däitlech nach eng Kéier: Alles an deem do Beräich muss sech no deenen héchsten ethesche Kritäre regelen an net no kommerzielle Kritären.

Villmools Merci.

M. Gast Gibéryen *(ADR)*.- Très bien!

M. Roy Reding *(ADR)*.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.- Merci och dem Här Kartheiser. An d'Wuert huet direkt d'Madame Gesondheetsministesch.

Prise de position du Gouvernement

Mme Lydia Mutsch, *Ministre de la Santé*.- Merci, Här President. Ech ka kuerz sinn, well mer iwwert de ganz ausféierlechen an interessante Rapport vun der Rapportrice all Elementer mat op de Wee kritt hunn, a well Dir alleguerten an Äre Riedebäiträg d'Bedeitung vun deem heite Gesetz ervirgestrach hutt.

Ech wëll awer nach eng Kéier rappeléieren, dass mer wierklech deemools vu wäit komm sinn, wéi mer déi éischt legislativ Mesurë geholl hunn am Zesummenhang mat den Organspenden, an dass et haut wéi eng Selbstverständlechkeet kléngt, dass mer haut d'Patienten esou ofsécheren, wéi mer se ofsécheren, dass mer déi Qualitéitsnormen hunn, wéi mer se kennen, an dass mer déi Sécherheetsbestëmmungen esou tranchéiert hunn, wéi mer se tranchéiert hunn.

Well et ass nach laang keng Selbstverständlechkeet an alle Länner, och net an Europa, dass mat Organer kee Commerce bedriwwe gëtt! An ech sinn dofir wierklech ganz stolz op eist Land, dass mir hei maximal Bestëmmungen hunn, déi duerch dëst Gesetz nach weider complétéiert ginn.

D'Stéchwierder sinn hei genannt ginn:

- d'Verhënnere vum Handel mat Organer,

- Qualitéit, Sécherheet, déi am Mëttelpunkt stinn,

- och d'Charakteristiken, déi ee muss erfëllen, fir als Spidol zougelooss ze sinn, an d'Servicer an d'Équipementer, déi ee muss kënnen hunn, fir am Kader vun den Transplantatioune vun Organer eng Roll dierfen ze spillen,

- d'Formatioun vun deene verschiddenen Akteuren, déi a mengen Aen och ganz wichteg ass,

- d'Koordinatiounsstell, déi mer schafen an déi och zoustänneg ass derfir,

- dass d'Organer selwer och musse bestëmmte Konditiounen erfëllen, fir iwwerhaapt kënnen transplantéiert ze ginn,

- dass mer elementar Regelen akzeptéieren, wat d'Traçabilitéit ugeet, a se och wierklech an der Praxis uwenden,

- dass de sécheren Transport ofgedeckt ass,

- dass d'Kollaboratioun mat deenen internationale Gremie muss klappen,

- dass och Tëschefäll, déi virkommen - well dat ka jo ëmmer geschéien -, dass déi propper enregistréiert sinn an och retraçabel sinn,

- oder och, wat ech schonn aganks gesot hunn, dass mer awer wierklech ganz vill Barrièrë virgesinn hunn, dass den Don d'organes net mat Commerce ka verbonne sinn.

Ech deelen deen Optimismus, deen hei vun deene meeschte Virriedner ausgedréckt ginn ass, dass den elektronesche Patientendossier eis e wichtegt Instrument wäert bidden, fir d'Zuel vun den Donneurs d'organes an d'Luucht ze setzen. Ech si wierklech iwwerzeegt dovun, dass d'Tatsaach, fir dat an der Zukunft a sengem elektronesche Patientendossier als Patient selwer kënnen anzeschreiwen, eventuell souguer a Kombinatioun mat sengem Testament de vie oder mat deene Modalitéiten, déi ee wëllt mat op de Wee gi fir de Fall, wou een en Accident huet, ech erwaarde mer ganz vill dovunner. An ech deelen net d'Meenung vun deenen, déi soen, dass dat eis Situatioun hei zu Lëtzebuerg net wäert verbesseren. Et wäert de Fall sinn.

Et ass och net richteg, dass mer an deene vergaangene Joren en däitleche Réckschrëtt haten. Wat awer leider richteg ass, dat ass, dass d'Zuel vun de gespenten Organer immense Variatiounen ausgesat war: Ee Joer sinn et der zéng, da sinn et der erëm véier an da sinn et der erëm néng an da sinn et der erëm sechs. Dat heescht, mir hunn do kee kontinuéierlecht Usteige vun der Bereetschaft, fir Donneur d'organes ze ginn, wat eis als Situatioun och net honnertprozenteg gefält, mä wat awer net gläichbedeitend ass mat enger Degradatioun, wéi se hei ee Moment duergestallt ginn ass.

Tatsaach ass leider och, dass mer, wa mer Campagnen hunn, ëmmer d'Zuel vun den Donneurs d'organes an d'Luucht setzen, a wa mer dann e puer Joer erëm keng Incitatioune méi maachen, dass d'Leit dann erëm vergiessen, wéi wichteg et ass, dass ee seng Bereetschaft dokumentéiert, fir Donneur d'organes ze sinn.

Mir wäerten also an der Zukunft weider Campagnë maachen. Mä mir wäerten awer och wierklech d'Instrument vum elektronesche Patientendossier notzen, fir en Opruff un d'Leit ze maachen, fir dat ze notzen a fir hir Bereetschaft och ze dokumentéieren, wat dann och heiansdo laangwiereg Pourparlere mat der Famill am Fall vun engem Stierffall wäert net méi noutwendeg maachen.

Ech deelen och honnertprozenteg déi beluewegend Wierder, déi Dir alleguerte fonnt hutt fir d'Associatiounen, déi um Terrain sech mat der Organtransplantatioun beschäftegen. Si leeschte wierklech eng formidabel Aarbecht, net nëmmen hei am Land, mä och am Verbond mat den auslännesche Organismen, déi sech ëm Organspende këmmeren.

Bon, mir hu jo mat dësem Gesetz souwuel Elementer aus der Oviedo-Konventioun aféisse gelooss wéi och Elementer aus der europäescher Richtlinn iwwer Qualitéits- a Sécherheetsnormen am Beräich vun den Organspenden. Vill vun Iech hunn an hiren Interventiounen drop higewisen, dass et wierklech noutwendeg ass, och déi aner Elementer, déi nach net an e Gesetz agefloss sinn, ëmzesetzen am Zesummenhang mat der Biomedezin.

Ech ka mech nach gutt aus mengem fréiere Liewen erënneren als Presidentin vun der Gesondheetskommissioun, dass et wierklech eise Wonsch war, fir net just eng einfach Kaderkonventioun ze stëmmen, mä fir wierklech awer déi Konventioun bei hirer Ëmsetzung mat Liewen ze erfëllen, och am Beräich vun der Biomedezin. An ech kann Iech hei d'Informatioun ginn, dass mir ganz aktiv sinn als Gesondheetsministère, fir zesumme mam Ministère de la Recherche all déi Elementer mat eranzehuelen, déi dozou geféieren, fir e Gesetz ze bréngen, wou net nëmmen d'Oviedo-Konventioun dran ass mat deene Modalitéiten, déi wichteg sinn, mä och e Biomedezingesetz op den Instanzewee ze bréngen, wat e Land wéi Lëtzebuerg, wat wierklech an deem Beräich massiv investéiert, och verdéngt huet.

Ech wëll ofschléissend all deene Merci soen, déi hei intervenéiert sinn, och fir déi Encouragementer, déi mer mat op de Wee kritt hunn als Ministère, fir hei eng propper Aarbecht ze leeschten am Beräich vun der gesetzlecher Reglementatioun. An ech wëll da mat Iech zesumme menger Hoffnung Ausdrock ginn, dass mer weider d'Leit kënnen encouragéieren, fir zum Organspender ze ginn an dozou bäizedroen, dass Mënschen, déi wierklech déi Spend do batter néideg hunn a se brauchen, fir e Liewen an Dignitéit kënnen ze féieren..., fir si weider ze encouragéieren, fir dat ze maachen a fir op dee Wee ze goen.

Villmools Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.- Merci och der Madame Gesondheetsministesch.

Mir géifen dann direkt zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 6564 iwwergoen.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 6564 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmung fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. D'Procuratiounen. An d'Ofstëmmung ass elo eriwwer.

Huet eppes net fonctionnéiert? Okay, gutt.

58 Deputéiert hunn direkt oder indirekt um Vote deelgeholl. 58 hu sech mat Jo ausgedréckt an domat ass de Projet unanime ugeholl.

Résultat définitif après redressement: le projet de loi 6564 est adopté à l'unanimité des 60 votants.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt (par M. Marcel Oberweis), MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden (par M. Laurent Mosar), Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen, M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes (par Mme Martine Hansen), Claude Wiseler, Michel Wolter et Laurent Zeimet;

MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten (par M. Alex Bodry), Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur (par M. Eugène Berger), M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer;

MM. Claude Adam, Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter (par Mme Josée Lorsché) et M. Roberto Traversini;

MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding;

MM. Serge Urbany et David Wagner.

An d'Fro bleift: Sidd Der bereet, fir d'Dispens vum zweete Vote ze ginn?

(Assentiment)

Dann ass dat esou décidéiert. Ech soen Iech Merci.

Mir géifen dann zum Projet de loi 6578 iwwergoen, e Projet, deen de Beruff vum Psychothe-

rapeut regelt. D'Riedezäit ass nom Modell 1 festgeluecht. An d'Wuert huet direkt de Rapporteur, den honorabelen Här Goerges Engel.

4. 6578 - Projet de loi portant création de la profession de psychothérapeute et modifiant

1) le Code de la sécurité sociale;

2) la loi du 8 juin 1999 relative au Collège médical;

3) la loi du 19 juin 2009 ayant pour objet la transposition de la directive 2005/36/CE pour ce qui est a) du régime général de reconnaissance des titres de formation et des qualifications professionnelles, b) de la prestation temporaire de service

Rapport de la Commission du Travail, de l'Emploi et de la Sécurité sociale

M. Georges Engel *(LSAP), rapporteur.*- Kolleeginnen a Kolleegen, Dir Dammen an Dir Hären, beim Projet de loi portant création de la profession de psychothérapeute, iwwert dee mer haut diskutéieren, geet et ëm eng komplex a komplizéiert Matière, bei där dacks den Däiwel am Detail stécht.

Déi zoustänneg Chamberskommissioun huet sech an net manner wéi zwielef Reunioune mat dem Projet beschäftegt. Mir hunn dräi Serië vun Amendementer gemaach, véier Avise vum Statsrot an eng Hällewull vu Positiounspabeieren iwwert de Projet de loi analyséiert a verschafft. An dobäi war den Text schonn am Virfeld als Avant-projet de loi mat de verschiddenen Associatiounen an Organisatiounen aus dem Milieu diskutéiert, verhandelt an och adaptéiert ginn.

Bei eiser parlamentarescher Aarbecht hu mer eis permanent an engem Spannungsfeld tëschent zwee Extremer beweegt: éischtens, also engersäits dem Wëllen, fir Standarden a Kritäre festzeleeën an esou de Patienten eng adequat Qualitéit a Leeschtung ze garantéieren, an anerersäits der Beméiung, fir verstänneg a pragmatesch Iwwergangsbestëmmunge virzegesinn, fir net ze riskéieren, dass Professioneller an d'Illegalitéit gedréckt ginn, déi haut schonn eng exzellent Aarbecht maachen, mä aus diverse Grënn net kënnen all d'Kritären erfëllen, déi dëst Gesetz hei nei afeiert.

Den Ursprong vun dësem Projet de loi geet zréck op d'Diskussioun iwwert déi alternativ an net konventionell Disziplinne vun der Medezin virun zéng bis fofzéng Joer. No enger intensiver Viraarbecht an der zoustänneger Chamberskommissioun huet d'Chamber sech den 29. Januar 2004 an enger Orientatiounsdebatt mam Thema beschäftegt an eng Motioun ugeholl, déi d'Regierung opfuerdert, am Beräich vun den net konventionellen an alternative Medezinsdisziplinnen ze reglementéieren, am Besonneschen déi néideg Formatioun a Qualifikatioun vun de Prestatairen.

Dat war dunn och esou am Regierungsprogramm vun 2009 virgesinn. Um Enn vun där Legislatur an no enger ausféierlecher Virlaf- a Preparatiounszäit gouf dunn e Projet de loi 6578 deponéiert. An no de Wahle vum 20. Oktober 2013 huet déi nei Regierung de Projet a senge grousse Linnen dunn och confirméiert.

Zum Kontext: De Projet de loi iwwert de Psychotherapeut schaaft e legale Kader fir dee Beruff, andeems en ënner anerem d'Konditioune festsetzt, fir dierfen den Titel vum Psychotherapeut ze droen. E leet d'Prozedur fest, fir d'Autorisatioun ze kréien, fir dierfen de Beruff auszeüben, op Basis vun enger strukturéierter a reglementéierter Formatioun.

Effektiv ass et esou, dass der Weltgesondheetsorganisatioun no ëmmer méi Leit froen, fir eng Prise en charge wéinst psycheschen oder psychiatresche Problemer ze kréien. Eng vu véier Persounen, esou d'OMS, kéint op d'mannst eemol an hirem Liewe mat esou Problemer konfrontéiert ginn. Ëmsou méi wichteg ass et, fir den Titel an d'Ausübe vum Beruff ze regelen, d'Konditioune festzesetzen, fir d'Qualitéit vun der Prise en charge kënnen esou ze garantéieren.

Iwwregens gëtt et am internationale Kontext eng ganz Partie vun Deklaratiounen, déi och an déi Richtung do ginn, ënner anerem d'Deklaratioun vum Europarot vun 1990. An dëser Deklaratioun ass zréckbehale ginn, dass d'Formatioun vum Psychotherapeut en «niveau élevé de qualification théorique et clinique» exigéiert. Genausou huet d'Kommissioun et och gesinn an huet dat zu enger absolutter Konditioun gemaach, fir dëst Gesetz hei auszeschaffen. Mëttlerweil sinn an der EU méi wéi zéng Länner, déi den Accès zum Beruff vum Psychotherapeut reglementéiert hunn; e Wee, op dee Lëtzebuerg dann och elo geet.

Inhaltlech ass ze soen, dass d'Psychotherapie am Projet de loi definéiert gëtt als eng therapeutesch Method, déi exklusiv op unerkannte psychologesch Moyenen zréckgräift, fir Troubles mentaux ze behandele beim Erwuessenen, dem Jugendlechen an dem Kand. Iwwert déi „exklusiv" psychologesch Moyenen ass méi laang diskutéiert ginn. D'Santéskommissioun huet awer un där Formuléierung festgehalen, well d'Psychotherapie genee dat soll sinn: eng therapeutesch Method, déi ouni Medikatioun auskomme soll. Dat verhënnert awer net, dass d'Psychiateren, déi jo och eng Formation médicale de base hunn, eng kombinéiert Therapie mat och Medikamenter kënne verordnen, wann dat a spezifesche Fäll néideg sollt sinn.

Vum Projet de loi betraff si verschidde Forme vu Psychotherapie, déi allerdéngs net explizitt ernimmt an opgezielt ginn. Et ass um Conseil scientifique de psychothérapie, dee mat dësem Gesetz dann och geschaf gëtt, fir iwwert d'Unerkennung vun de verschiddene Methoden ze befannen. Dat erlaabt et och, fir méi séier a flexibel op déi op neien Erkenntnisser baséierend Entwécklung an dësem Beräich anzegoen, ze reagéieren, ouni all Kéiers mussen d'Gesetz dann ze änneren.

D'Autorisation d'exercer fir de Beruff vum Psychotherapeut ënnerläit der Autorisatioun vum Minister, dee fir d'Gesondheet zoustänneg ass. Dobäi mussen eng Partie Konditiounen erfëllt ginn. De Projet de loi gesäit en duebelen Zougang vir, fir zougelooss ze gi fir d'Formatioun vum Psychotherapeut. Zougelooss sinn zum engen déi Leit, déi e Master en psychologie clinique hunn oder en Diplom an der Psychologie, deen als equivalent ugesi gëtt, zum aneren déi, déi en Titre de formation als Dokter hunn, mat Formation médicale de base.

Déi zweet Etapp ass dann d'Formatioun vun der Psychotherapie. De Projet de loi schreift den Inhalt an de Volume vun där Formatioun am Artikel 4 vir, souwuel wat dat Theoretescht wéi och de praktesche Volet ugeet. Dobäi baséiert de Projet de loi sech op de Bologna-Prozess. Do niewendrun ass natierlech och verlaangt, dass een déi néideg gesondheetlech Bedéngungen erfëllt, gradesou wéi d'Bedéngungen a Saachen Honorabilitéit a Moralitéit.

D'Médecins-psychiatres, déi en unerkannten Titre de formation an der Psychotherapie hunn, falen net ënnert dëst Gesetz. Si kënnen, wéi bis elo, och ganz legal Psychotherapie weider ausüben an hirer Qualitéit als Dokter. An déi gëtt deen Ament och scho vun der Assurance maladie-maternité en charge geholl.

Iwwert de Projet de loi gëtt, wéi gesot, och e Conseil scientifique de psychotherapie geschaf. Zu deem sengen Aufgabe gehéiert d'Unerkennung vun de psychotherapeutesche Methoden, mä och d'Matschaffen, fir eng psychotherapeutesch Formatioun zu Lëtzebuerg op d'Been ze setzen.

De Beruff vum Psychotherapeut wäert och un de Collège médical gebonne ginn, deen, opgrond vun engem Avis vum Conseil scientifique, en Deontologiekodex fir Psychotherapeute soll festhalen. De Beruff vum Psychotherapeut gëtt och ageschriwwen op d'Lëscht vun de Professions réglementées am Kader vun der europäescher Direktiv 2005/36/CE iwwert d'Unerkennung vun den Diplomer. An Zukunft däerf sech also just dee Psychotherapeut nennen, deen och d'Konditiounen erfëllt.

D'Sécherheet fir eis Bierger stoung hei ëmmer um éischte Plang. An de Scharlatane vun deene klenge wäissen Ziedelen an der Boîte, déi mengen, si wäre Psychotherapeut, ouni awer déi geréngsten Ausbildung ze hunn, soll heimadder och dann d'Handwierk geluecht ginn.

D'Iwwergangsbestëmmunge gesinn eng Iwwergangsphas vun dräi Joer vir, wou déi Professionell, déi den Ament Psychotherapie praktizéieren an awer net ganz de Konditiounen entspriechen, kënnen ënner enger Partie Konditiounen och hir Acquisen unerkannt kréien an eventuell eng Zousazformatioun maachen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, wéi schonn ufanks gesot, ass dat heiten e Projet de loi, an dee vill Aarbecht a vill Zäit investéiert gouf, dat souwuel beim Ausschaffen a virum eigentlechen Dépôt wéi och duerno an der Chamberskommissioun.

Et war u sech e ganz gutt Beispill vun enger effikasser parlamentarescher Aarbecht, wou gutt an zilorientéiert diskutéiert ginn ass, wou mer eis mat de sëllechen Avisen a Positiounspabeiere befaasst hunn, Vertrieder vun enger ganzer Rei vun Organisatiounen aus deem Beräich empfaangen hunn an doropshin och eng Partie Änderunge virgeholl hunn, awer ouni d'Iddi an d'Essenz vum Text ze verwässeren oder vu Grond op ze änneren. Ech géif duerfir och jiddwerengem aus der Kommissioun Merci soe fir déi gutt an effektiv Zesummenaarbecht, déi mer hei haten.

Ech ginn an deem Sënn net op déi eenzel Positiounen an Avisen an - de Resümee, dee kënnt Der gären a mengem ausféierleche schréftleche Rapport noliesen -, mä ech wéilt awer duerfir op d'Haaptknackpunkten hei agoen, ëm déi d'Diskussiounen ëmmer nees gedréit hunn.

Do wier fir d'Éischt emol dee ganz grousse Volet vun der Definitioun vun der Psychotherapie an dem Champ d'application vun dësem Gesetz. Et gouf festgehalen, wéi scho gesot, dass d'Psychotherapie exklusiv op unerkannt psychologesch Mëttelen zréckgräift, fir d'Troubles mentaux ze behandelen, an dat beim Erwuessenen, dem Jugendlechen an dem Kand. Et gouf deemno drop verzicht, fir méi spezifesch Bestëmmungen anzeféiere fir d'Kanner- an d'Jugendpsychotherapie.

Op där anerer Säit gëtt awer betount, dass e Psychotherapeut gehalen ass, d'Hëllef oder d'Assistenz vun engem anere kompetente Prestataire ze froen oder de Patient ze iwwerweisen, wa sech bei enger psychotherapeutescher Prise en charge erausstellt, dass säin eegene Kompetenzberäich iwwerschratt gëtt.

Ee ganz wichtege Punkt war, ze definéieren, wat Psychotherapie ass, an dat virun allem, fir festzehalen, wou de Beräich ugeet an ophält, deen hei gesetzlech geregelt gëtt. Wat sinn déi psychotherapeutesch Aktivitéiten, fir déi een déi verlaangte Basisformatioun an och déi spezifesch psychotherapeutesch Formatioun muss hunn?

D'Kommissioun hat iwwert deen Aspekt vill a ganz laang Diskussiounen, well et engersäits drëms goung, fir den Titel an d'Aktivitéiten esou gutt wéi méiglech ze regelen, virun allem fir de Patienten eng gutt Qualitéit ze garantéieren a se an deem Sënn ze schützen. Et war dëst eist Haaptuleies an all den Diskussiounen. An op där anerer Säit muss ee gesinn, dass et eng ganz Partie Aktivitéite gëtt, déi och psychotherapeutesch Elementer benotzen, ouni awer carrément eng Psychotherapie ze sinn.

Dat ass ënner anerem och de Fall vun enger ganzer Partie staatlech konventionéierte Berodungsstellen, déi ebe gréisstendeels Berodung oder Begleedung maachen. Si maachen duerch d'Bank eng gutt a sënnvoll Aarbecht a sollen natierlech weider esou wéi bis elo kënne schaffen an net an eng juristesch Grozon falen, déi hir Aarbecht géif onméiglech maachen an esou hir ganz Aktivitéit och géif a Fro stellen.

D'Kommissioun huet sech duerfir majoritär op eng Léisung gëeenegt, déi där duebeler Ufuerderung vu Qualitéit an Ouverture gerecht gëtt. Zum enge preziséiert den Text, dass d'Psychotherapie méi ass wéi en «accompagnement sous forme d'aide psychologique visant à faire face aux difficultés courantes» an och méi ass wéi eng Berodung oder Ënnerstëtzung. Gläichzäiteg gouf och am Artikel 3 den Ausdrock «même accessoirement ou occasionnellement» erausgeholl, soudass een och accessoirement an occasionnellement däerf psychotherapeutesch Mëttelen asetzen, ouni déi streng Kritäre vum zukünftege Gesetz dann awer ze erfëllen.

D'Propos, fir an den Text vum Projet de loi dranzeschreiwen, wéi eng Forme vu Psychotherapie oder vun aneren Therapien dann elo ënnert d'Gesetz falen a wéi eng net, wéi zum Beispill d'Psychanalys, ass net ugeholl ginn. Ob an no wéi enge Kritären eng Method soll unerkannt ginn, dat soll an Zukunft ënnert de Kompetenzberäich vum Conseil scientifique falen. Duerfir sinn och keng aner Forme vun Therapie drageholl ginn, wéi Gestalttherapie, d'Cosmo biodynamesch Therapie, d'Hypnothérapie, d'Musicothérapie, d'Traumatherapie an nach ganz vill anerer méi.

D'Gesetz limitéiert sech awer op alle Fall op déi psychopathologesch Traitementer, also do, wou et ëm d'Behandlunge geet vun engem Trouble mental, vu Perturbations comportementales oder allen anere Problemer, déi eng Souffrance oder eng Détresse psychologique mat sech bréngen.

Refuséiert gouf och de Virschlag, fir nëmmen den Titel, net awer den Exercice vum Beruff vum Psychotherapeut ze regelen. An dat alt erëm aus deem ganz gudde Grond, well et hei drëms geet, fir d'Patienten ze schützen an hinnen eng beschtméiglech Qualitéit vun der Behandlung ze garantéieren.

Ee weideren, ganz wichtege Punkt, iwwert dee vill geschwat gouf a wou och eng Partie Upassunge vum Text gemaach goufen, sinn d'Iwwergangsbestëmmungen. Och an dësem Zesummenhang goung et drëms, fir eng pragmatesch Léisung ze fannen, déi trotzdeem d'Qualitéit sécherstellt.

Iwwregens huet och de Statsrot, grad wéi eng ganz Rei vu professionellen Organisatiounen, do insistéiert, fir Léisungen ze sichen. An dat hu mer och gemaach. D'Kommissioun war nämlech och där Meenung, dass d'Gesetz och misst d'Situatioun vun deene Persoune regelen, déi den Ament Psychotherapie praktizéieren an déi awer net d'Kritären erfëllen, déi an Zukunft mat dësem neie Gesetz wäerte gëllen. Dat net, well se net kompetent wären, mä well se zum Beispill virum Bologna-Prozess studéiert hunn a forméiert goufen.

De Conseil d'État hat nämlech d'Fro gestallt, ob een net sollt op de Wee vun enger Unerkennung en fonction vun der Pratique psychothérapeutique goen, also eng Aart Acquis de l'expérience professionnelle. D'Kommissioun huet an deem Sënn d'Iwwergangsbestëmmungen dunn och erliichtert.

An deenen éischten dräi Joer, nodeems d'Gesetz a Kraaft getrueden ass, gëtt et eng Ouverture bei der Formation de base. Do ass gefrot, entweder en Diplom an der Psychologie clinique oder en Diplom an der Psychologie, den als equivalent unerkannt ass, oder awer ee vun den Titres de formation de médecine mat Formation médicale de base ze hunn, oder awer een aneren Titel, Zertifikat oder Diplom, deen als equivalent unerkannt ass, ze hunn. Fir déi psychotherapeutesch Formatioun muss een entweder eng spezifesch Formatioun vun op d'mannst 450 Stonne virweisen oder eng psychotherapeutesch Praxis vun op d'mannst fënnef Joer hunn, déi da vun dem Collège médical unerkannt gëtt.

A well an anere Länner den Zougang zu der Formatioun vum Psychotherapeut manner enk geregelt ass, wäerten d'Autoritéite wuel an Zukunft no der Iwwergangszäit mat Demandë befaasst ginn, fir Diplomer unzëerkennen, wou d'Leit net all deene Kritären entspriechen, déi hei elo mat dësem Gesetz agefouert ginn, virun allem wat d'Formation de base ugeet. Dee Moment ass et um Minister, opgrond vum Avis vum Conseil scientifique, fir sech mat deenen Demanden ze beschäftegen, opgrond vun der genannter Direktiv.

Ee leschten interessanten, awer absolutt net onwichtege Punkt ass dee vun der Prise en charge vun der Psychotherapie duerch d'Gesondheetskeess. Dat ass allerdéngs elo eng Saach vun der Gesondheetskeess, déi mat de Psychotherapeuten eng Konventioun muss aushandelen. Uschléissend muss dann do festgehale ginn, wéi eng Akten a wéi enger Frequenz an a wéi engem Ausmooss, ënner wéi enge Konditioune wéi rembourséiert ginn. Do ass nach genuch Aarbecht.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, léif Kolleegen, dëse Projet de loi, d'Diskussiounen haut an zum Enn de Vote heiriwwer bréngen ee laangjährege Projet en déckt Stéck virun. D'Psychotherapie, déi mëttlerweil mat all hire Facetten eng ganz breet Unerkennung huet, déi vun ëmmer méi Leit benotzt gëtt a scho ville konnt hëllefen, gëtt elo och gesetzlech geregelt. Et ass wichteg, dass d'Leit, déi an enger psychescher Noutlag sinn, kënne sécher sinn, eng gutt Behandlung ze kréien, wa se vun engem Psychotherapeut behandelt ginn.

Déi nächst Etappe ginn net manner spannend. Eng Konventioun mat der CNS, eng Nomenclature fir déi psychotherapeutesch Akten a Modalitéite vun enger eventueller Prise en charge, woubäi et och do gëllt, fir zwee entgéintgesaten Intérêten op een Nenner ze bréngen. Natierlech muss een oppassen, dass d'Gesondheetskeess net ze vill belaascht gëtt. Op där anerer Säit ass et awer extrem wichteg, dass och Leit mat manner Ressourcë kënne psychotherapeutesch Hëllef an Usproch huelen, wa si se brauchen.

Heimadder stëmme mer ee gutt Gesetz, wat fir Qualitéit a Sécherheet steet. Ech ginn heimat den Accord vun der sozialistescher Fraktioun an ech soe Merci fir d'Nolauschteren.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.- Merci och dem Här Rapporteur. An d'Wuert huet direkt déi éischt ageschriwwe Riednerin, d'Madame Sylvie Andrich-Duval. Madame Andrich, Dir hutt d'Wuert.

Discussion générale

Mme Sylvie Andrich-Duval *(CSV)*.- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, léif Kolleeginnen a Kolleegen, un éischter Stell dem Rapporteur en häerzleche Merci fir säin detailléierte schréftlechen a mëndleche Rapport.

Dëse Projet ass eng eemoleg Chance, endlech och hei zu Lëtzebuerg en neie Gesondheetsberuff, de Beruff vum Psychotherapeut anzeféieren. An am Numm vun der CSV begréissen ech, dass et zu dëser gesetzlecher Regelung kënnt. Awer och als diploméiert klinesch Psychologin, déi praktesch 15 Joer laang um Terrain geschafft huet, drécken ech meng perséinlech Satisfaktioun aus.